# colonies de vacances **programme**

www.youngcaritas.lu

## Été 2024



youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

# Vakanzekolonien mat youngcaritas

**Léiw Elteren, Léiw Participanten,**

All Joer bitt youngcaritas vu Caritas Jeunes et Familles a.s.b.l. vill verschidde Kolonie vir Kanner a Jugendlecher un. Dës Kolonie ginn net nëmmen duerch en uspriechend Vakanzenzil onvergiesslech, mee och duerch fräiwëlleg Moniteuren déi dat ganzt leeden a gestallten.

**Eis Philosophie?**
Mir sinn der Meenung dass all Kand an all Jugendlechen d'Recht drop huet mat Gläichaltrege Spaass ze hunn, eng super Vakanz ze verbréngen an einfach d'Experienz vun enger Kolonie mat ze erliewen.

Vakanzekolonië vu youngcaritas riichten sech un all Kand a Jugendlechen tëscht 4 a 17 Joer, deen zu Lëtzebuerg oder an der Groussregioun wunnt.

youngcaritas bitt Wantersport-, Waassersport- a Kolonien an de Bierger oder beim Mier un. Fir Spaass a Spannung ass gesuergt. Mir entdecken zesumme flott Platzen hei zu Lëtzebuerg an a ganz Europa.

Bei youngcaritas kann een nei Leit kenne léieren, nei Frëndschafte schléissen an nei Experienzen erliewen. An dëser Broschüre sinn all eis Kolonien opgelëscht. Fir all weider Fro, sti mir gären zur Verfügung.

**Gutt ze wëssen?**
D'Moniteure leeden, organiséieren a gestallten d'Kolonien an hirer Fräizäit an investéieren déi Zäit vir de Kanner a Jugendlechen eng Vakanz ze erméiglechen. An der Reegel sinn dëst Studenten déi eng Formatioun fir den Animateur ofgeschloss hunn.

De Präis vun de Kolonie setzt sech zesummen aus: dem Transport, dem Logement, der Verfleegung an den verschiddenen Aktivitéiten.

**Präislech Reduktiounen:**
Bei youngcaritas kritt jiddereen d'Méiglechkeet fir mat an eng Kolonie ze goen, och déi Kanner oder Jugendlech aus sozioekonomesch méi schwaache Familljen. Dofir ginn et folgend Méiglechkeeten:

1. Chèque Service Accueil: D'Chèque Service Accueil (minimum 34 St./Woch gratis) kënne bei Kanner ënner 13 Joer fir eng Reduktioun benotzt ginn.

2. Caritas Jeunes & Familles Reduktioun: Déi Famillen déi manner Akommes hunn, kennen och eng Reduktioun op de Präis vun der Kolonie kréien. Bei weidere Froe kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

All Dossier gëtt vertraulech behandelt!

youngcaritas

Dir wëllt keng Broschüre méi geschéckt kréien?
Dann mellt Iech of bei: colonies.youngcaritas@cjf.lu

# Les colonies de vacances avec youngcaritas

**Chers parents, Chers participants,**

Chaque année youngcaritas de l'a.s.b.l. Caritas Jeunes et Familles propose diverses colonies pour enfants et adolescents. Ces colonies ne sont pas uniquement inoubliables par leur destination, mais également par l'engagement bénévole des moniteurs.

**Notre philosophie ?**
Nous sommes d'avis que chaque enfant et chaque jeune ont le droit de vivre l'expérience d'une colonie de vacances, de s'amuser avec des personnes de son âge et de revenir avec des souvenirs plein la tête.

Les colonies de vacances de youngcaritas s'adressent à tout enfant et jeune âgé entre 4 et 17 ans habitant le Grand-Duché ou la Grande Région.

Nous proposons des colonies de sport d'hiver, de sport nautique ainsi que des colonies en montagne et au bord de mer. Nos colonies sont remplies d'excursions et de fascinantes découvertes culturelles.

Nous faisons découvrir ce petit pays qu'est le Luxembourg et qui cache des lieux bien sympas, mais aussi d'autres pays d'Europe.

youngcaritas offre la possibilité de faire de nouvelles connaissances, de nouveaux ami(e)s et un tas de nouvelles expériences ensemble. Ce dépliant contient les prochaines dates de nos colonies.
Pour toute question, nous nous tenons à disposition.

**Que faut-il savoir ?**
Les moniteurs dirigent, organisent et mettent sur pied les colonies pendant leur temps libre et mettent ce temps à disposition des enfants et des adolescents pour leur permettre de passer d'inoubliables vacances. Il s'agit de bénévoles ayant suivi les formations d'animateur.

Le prix d'une colonie comprend les frais suivants : le transport, le logement, les repas et les diverses activités.

**Réductions :**
Avec youngcaritas tout le monde peut partir en vacances. C'est pour cette raison que les parents d'enfants ou adolescents issus de familles à faible revenu ont la possibilité de solliciter une réduction partielle ou totale du prix de la colonie.

**Deux possibilités :**

1. Chèque Service Accueil: Les enfants de moins de 13 ans peuvent utiliser leur Chèque Service d'Accueil (min. 34h/semaine d'encadrement gratuit) pour demander une réduction de prix.

2. Réduction Caritas Jeunes & Familles : Les familles à faible revenu peuvent bénéficier de réductions. Pour plus d'informations, n'hésitez pas à nous contacter.

Tous les dossiers sont traités avec discrétion !

youngcaritas

# Kiddies of the Carribean

NEI ! NOUVEAU !



**DESTINATION** Larochette (L) | **DATE** 17.07 > 21.07.2024
**ÂGE** 4-6 | **PARTICIPANTS** 25 | **PRIX** 325€

Hey du klenge Pirat!

Mir brauchen dech bei eiser grousser Aventure u Land. Mir, Pirate, kennen eis gutt um Mier aus, mee bei dësem Rätsel brauche mir kleng Landraten déi eis hëllefen! Du bass bereet deng Piratenausbildung unzetrieden? Da mell dech séier un!

Deng Piratecrew waart op dech!

Coucou, petit pirate !

Nous avons besoin de toi pour notre grande aventure sur la terre ferme. Nous, les pirates, connaissons bien la mer, mais pour ce nouveau défi nous avons besoin de toi petit terrien pour nous aider ! Tu es prêt à commencer ta formation de pirate ? Alors inscris-toi vite !

Ton équipage t'attend !

# Once upon a time



**DESTINATION** Colmar Berg (L) | **DATE** 20.08 > 24.08.2024
**ÂGE** 6-9 | **PARTICIPANTS** 25 | **PRIX** 325€

Komm mat eis op eng spannend Rees duerch verwënsche Märercher. Mir fléien all Dag an eng nei Aventure an heiansdo ass do eppes net ganz richteg. Mee DU kanns den Helden hëllefen, datt hir Geschicht och ee glécklecht Enn huet.

Bass du dobaï? Da mell dech séier un!

Viens avec nous pour un voyage passionnant à travers des contes de fées enchantés. Chaque jour, nous nous envolons vers une nouvelle aventure, mais parfois tout ne se passe pas comme prévu. Mais TU peux aider les héros à trouver une fin heureuse à leur histoire.

Tu es partant ? Alors inscris-toi vite !

# Vamos al Sud



NEI ! NOUVEAU !



**DESTINATION** France, Espagne | **DATE** 02.08 > 14.08.2024
**ÂGE** 14-17 | **PARTICIPANTS** 12 | **PRIX** 1180 €

Pak däi Rucksak. Mir huelen dech mat op eng Rees wou's du d'Méiglechkeet hues mat aner Jonken an dengem Alter de Süde vun Europa kennenzeléieren. Zesummen entdecke mir d'Geschicht vun deene bekanntsten Architekten, schloen eis de Bauch mat de beschte Paellas an Tapas voll a loossen eis esou duerch déi schéinste Stied a Spuenien an a Südfrankräich féieren. Als Souvenir bréngs du en Album voller Erënnerungen an de Rucksak voll mat Erfarungen zeréck.

Um Programm sti Marseille, Barcelona, Valencia, Madrid, Carcassonne a Lyon.

Fais ton sac à dos et nous t'emmènerons en voyage où tu auras la possibilité de découvrir les pays de l'Europe du Sud avec d'autres jeunes de ton âge. Ensemble, nous découvrirons l'histoire des architectes les plus connus, nous nous remplirons le ventre avec les meilleures paellas et tapas et nous nous laisserons guider à travers les villes les plus merveilleuses de l'Espagne et du sud de la France. En guise de souvenir, tu ramèneras un album plein de souvenirs et un sac à dos plein d'expériences.

Au programme : Marseille, Barcelone, Valence, Madrid, Carcassonne et Lyon.

# Lët'z have fun



**DESTINATION** Lultzhausen (L) | **DATE** 04.08 > 10.08.2024
**ÂGE** 10-14 | **PARTICIPANTS** 20 | **PRIX** 455 €

Bass du bereet deng Grenzen ze iwwerschreiden an dech selwer erauszefuerderen? Du hues Loscht, nei Plazen zu Lëtzebuerg ze entdecken?

Da looss dech ob dës spannend Rees an. Bei eis gëtt definitiv fir Fun an Action gesuergt. Langweil kennt bei eis net a Fro, mir sinn ëmmer prett fir eng nei Challenge!

Komm mat an iwwerzeeg dech selwer!

Es-tu prêt à aller au-delà de tes limites et de te défier toi-même ? Tu as envie de découvrir des nouveaux endroits au Luxembourg ?

Alors participe à ce voyage plein de suspens ! Chez nous, ils y aura beaucoup d'action et du fun ! Il n'est pas question d'ennui chez nous, nous sommes toujours prêts pour de nouveaux challenges !

Viens te convaincre toi-même !

# Aqua Camp





**DESTINATION** Surendorf (D) | **DATE** 18.08 > 26.08.2024
**ÂGE** 9-13 | **PARTICIPANTS** 25 | **PRIX** 890 €

Du bass eng Waasserrat a wollts schonn ëmmer eng Kéier Surfen, Seegelen a Stand-Up Padle maachen, an dat zesumme mat anere Kanner?

Da komm mat an den Aquacamp un déi däitsch Ostsee. Hei erwaarden dech nieft dem Waassersport och nach e villfältege Programm wéi Klammen an aner Aktivitéiten.

Mir freeën eis op dech.

Tu adores l'eau et tu as toujours voulu faire du surf, de la voile et du Stand-Up Padle avec d'autres enfants ?

Alors rejoins-nous pour l'Aquacamp.
À côté des sports nautiques, un programme diversifié t'attend, avec de l'escalade et pleins d'autres activités.

Nous nous réjouissons de ta participation.

# Ardèche 2024



NEI !
NOUVEAU !

**DESTINATION** Pont d'Arc (F) | **DATE** 27.08 > 08.09.2024
**ÂGE** 13-17 | **PARTICIPANTS** 26 | **PRIX** 930 €

„Manner ass heiansdo méi!" Wonnerschéin Natur, een Zelt a vill nei Kolleege gi villäicht duer fir glécklech ze sinn. Wat denks du?

Hues de Loscht am Zelt ze schlofen oder souguer ënner fräiem Himmel? Reizt et dech däin lesse selwer um Feier ze kachen? Am Floss ze schwammen a Kanu fueren ze goen? Oder souguer eng Hiel ze besichtegen?

Komm mat op dës Aventure.

« Moins, c'est parfois plus ! » La belle nature, une tente et beaucoup de nouveaux amis suffisent peut-être aussi pour être heureux. Qu'est-ce que tu en penses ?

As-tu envie de passer la nuit dans une tente ou même à la belle étoile ? Es-tu tenté de préparer toi-même ton repas sur un feu ? De nager dans la rivière et de faire du canoë ? Ou même de visiter une grotte ?

Viens avec nous pour cette aventure.

# Harry Potter



**DESTINATION** Neuhäusgen (L) | **DATE** 31.08 > 05.09.2024
**ÂGE** 8-12 | **PARTICIPANTS** 30 | **PRIX** 380 €

Och dëst Joer mécht déi berüümten Zauberschoul nees hier Diere fir en neit Schouljoer op.

De grousse Sall ass scho prett fir d'Zauberschüler ze empfänke, mee et läit eng komesch Stëmmung an der Loft. Déi magesch Geschöpfer zéien sech zréck. Dementoren dréine scho fläisseg hier Ronnen iwwert eis Gebitt. Eng magesch Welt voller Iwwerraschungen, Rätselen an Zaubersprëch wäert sech dir eröffnen. Deng nei Proffe freeën sech schonn drop hiert Wësse kënne mat dir ze deelen. De spriechenden Hutt ass scho gespaant raus ze fannen ops du zu de Gryffindor, Slytherin, Ravenclaw oder Hufflepuffs gehéiers.

Mell dech séier un, Hogwarts mat all senge Bewunner waart op dech!

Cette année encore, la célèbre école de magie ouvre ses portes pour la nouvelle année scolaire.

La grande salle est déjà prête à accueillir les nouveaux élèves de l'école de magie. Cependant, il y a une atmosphère étrange dans l'air. Les créatures magiques se retirent et les détraqueurs s'affairent déjà à faire leurs rondes. Tu pourras découvrir un monde magique plein de surprises, d'énigmes et de sortilèges. Les nouveaux professeurs se réjouissent déjà de partager leur savoir avec toi. Le chapeau parlant est impatient de découvrir si tu es un Gryffondor, un Serpentard, un Serdaigle ou un Poufsouffle.

Inscris-toi vite, Poudlard et tous ses habitants t'attendent !

# Résumé

| COLONIE | DESTINATION | DATE | ÂGE | PARTICIPANTS | PRIX |
|---|---|---|---|---|---|
| **Kiddies of the Carribean** | Larochette (L) | 17.07 > 21.07.2024 | 4-6 | 25 | 325€ |
| **Vamos al Sud** | France, Espagne | 02.08 > 14.08.2024 | 14-17 | 12 | 1180€ |
| **Lët'z have fun** | Lultzhausen (L) | 04.08 > 10.08.2024 | 10-14 | 20 | 455€ |
| **Aqua Camp** | Surendorf (D) | 18.08 > 26.08.2024 | 9-13 | 25 | 890€ |
| **Once upon a time** | Colmar-Berg (L) | 20.08 > 24.08.2024 | 6-9 | 25 | 325€ |
| **Ardèche 2024** | Pont d'Arc (F) | 27.08 > 08.09.2024 | 13-17 | 26 | 930€ |
| **Harry Potter** | Neuhäusgen (L) | 31.08 > 05.09.2024 | 8-12 | 30 | 380€ |

# youngcaritas ass och...

## Formatiounen
## Solidactive
## Spillmobil
## Däi Projet

Dir wëllt méi iwwer déi verschidde
Beräicher gewuer ginn?
Besicht eisen Internetsite:
www.youngcaritas.lu
oder schreift eis eng E-Mail:
info.youngcaritas@cjf.lu

Vous voulez en savoir plus
sur nos différents domaines ?
Visitez notre site web :
www.youngcaritas.lu
ou envoyez-nous un email :
info.youngcaritas@cjf.lu

# Contact & Inscriptions

www.youngcaritas.lu
colonies.youngcaritas@cjf.lu
f youngcaritas.lu
youngcaritas.lu
Tél.: 36 74 68 - 1

**Notre bureau**
11-13, rue Geespelt
L-3378 Livange

caritas
Jeunes & Familles

youngcaritas
by Caritas Jeunes & Familles

BCEE LU95 0019 1000 2692 7000
Agréments gouvernementaux:
SECO RNAI FSE 201403/12
SECO RNAI AA 201403/13